

Lëtzebuerg, de 10. November 2016

Wat sech dann elo wierklech ännert

D'Verwaltungsgeriicht huet also per Dekret vum 12. Oktober 2016 de Règlement grand-ducal vum 25. August 2015 iwwert notamment d'Afféiere vun engem Coefficient réducteur op den Terminalesklasse gekippt, deen d'Regierung nom Accord vum Unterréchtsminister mat de Gewerkschaften par voie d'urgence duerchbruet hat. Net komplett genuch gouf den Argumentaire befonnt, firwat Urgence gebuede gewiescht wier. Notamment wier de Grand-Duc net iwwert d'Urgence informéiert gewiescht. Domadder ass deen RGD „sur la forme“ gekippt. Um Contenu huet d'Verwaltungsgeriicht par contre näischt auszesetze fonnt.

En premier lieu heescht dat no geltendem Recht, dass den RGD ab dem Datum vum Uerteelssproch ausser Kraaft gesat gouf. Eng retroaktiv Wirkung schléisst de Legislatueur par contre aus. Am Kloertext bedeit dat:

- Den **RGD vum 25. August 2015** war fir d'Schouljoer **2015/16 gültig**.
- An engem **neien RGD**, datéiert op de **6. September 2016**, goufen awer entretemps all di Modalitéite vum RGD vum 25. August 2015 nei verankert; dee neien RGD ass och den uerdentleche Wee duerch d'Instanze gaangen.

Alles, wat dat läscht Joer en vigueur war an elo soi-disant gestoppt gouf, gëllt also nees zanter dem 6. September.¹

Dee neien RGD vum 6. September iwwerhëlt eng Rei Präzisiounen an Ergänzungen, déi d'FÉDUSE am Kader vum Comité permanent fir d'Enseignanten noverhandelt huet.² Et geet dobäi notamment drëms, dass

- bei all **Journée pédagogique** d'office **all d'Stonnen** als Formation continue **unerkannt** ginn, onofhängeg dovunner, ob et eng Interferenz mam Stonneplang gouf oder net;
- d'**Examensfächer** op den Terminalesklasse **keen examensbedéngte Coefficient réducteur** kréien;
- de **Coefficient réducteur fir d'Sports- a Optiounscoursen** op den Terminalesklassen am ES an am EST vu 7/36 op maximal 5/36 **zréckgeet**; op den Techniker-Klasse geet e vu 6/36 op maximal 4/36 zréck an am DAP vu 5/36 op maximal 3/36;
- zukünfteg d'**Surveillance** am Examen an all deene Fäll ëmmer nach **bezuelt** gëtt, wou den Enseignant **net seng eege Klass am eegene Fach** surveilléiert.

Trotzdem soll den RGD vum 6. September nach emol ergänzt ginn, dat notamment, fir dass ee weideren Aspekt agebaut gëtt, op deen d'FÉDUSE zanter leschem Hierscht gepocht huet an den de MENJE bis dato versäumt huet, an den RGD ze iwwerhuelen. Et geet drëms, dass och zukünfteg d'**Noexamensverbesserungen** an all deene Fäll ëmmer nach **bezuelt** ginn, wou den Enseignant **net seng eege Klass am eegene Fach** verbessert, d. h. notamment bei der zweeter an drëtter Korrektur.

Ursprünglech hätten och fir den Examen **2015/16 d'Surveillancen** an d'**Verbesserungen am Noexamen** bei anere Fächer wéi dem eegenen oder anere Klasse wéi där eegener indemniséiert sollte ginn, grad wéi och

¹ Den RGD vum 6. September 2016 fannt dir op <http://www.legilux.lu> an als Ajoute zu dësem Communiqué op eisem Site www.feduse.lu.

² Cf. eis Kommunikéien « [20160711 - Les choses avancent](#) », « [20160530 - Indemnisation des examens](#) » an « [20151120 - formation continue](#) », déi dir op www.feduse.lu noliese kënn.

d'Sekretariatsaarbecht am Examen. Duerch de Jugement vum Tribunal administratif vum 12. Oktober ass awer de Contrôle financier vum MENJE hellhøreg ginn an huet festgestallt, dass et fir een Ausbezuele vun deene Surveillancen, Noexamenskorrekturen a Sekretariatsaarbechten keng legal Basis gëtt, de MENJE dat also guer net ausbezuelen dierf.

De Jugement vum Tribunal administratif vum 12. Oktober huet de MENJE ausserdem dorobber opmierksam gemaach, dass een Aspekt vum Accord vun 2015 bis ewell nach guer net ëmgesat gouf. Et geet dobäi em d'Kierze vun der **Indemnité de base** fir d'Korrektoren, d'Direktiounsmemberen an d'Kommissären, déi jo vu 75% op 50% reduzéiert sollt ginn. An där nächster an hoffentlech leschter Versioun vum RGD wäert dese Volet dann definitiv festgehale ginn.

Résultat des courses:

- De Recours géint den éischten RGD vum 25. August 2015 huet näischt erreecht, ausser potentiellement fir di puer Leit ënnert de Kläger, déi dat läscht Joer eng Terminalesklass haten.
- De MENJE héiert mëttlerweil d'Fléi néitschen an hält sech strikt un dat, wat an de Gesetzestexter steet.
- Dowéinst gesäit d'FÉDUSE eng Rei Resultater aus hiren erfollegräiche Verhandlungen vum leschte Joer elo ëm ee Joer no hanne geworf.

Fir dësem héchst iergerlechen Constat eppes Positives entgéintzesetzen, hunn d'Gewerkschaften an der Intersyndicale mam Minister ausgehandelt, dass déi geplangte **Kierzung vun der Indemnité de base** em zwee weider Joer no hanne **verréckelt** gëtt an deemno eréischt am Schouljoer **2018/19** a Kraaft trëtt. Insgesamt mécht dat fir deen eenzele Concernéierten dann eppes iwwert € 120,- aus, méi wéi dem Eenzelen duerch Surveillancen oder Verbesserungen am Noexamen duerch d'Lappe gaange sinn. Wat d'Sekretariatsaarbecht ugeet, ass d'FÉDUSE nach ëmgaangen, mam Ministère no enger Léisung ze sichen, bei där kee méi schlecht ewechkomme, wéi wann alles richteg gelaf wier.

Esou Händel stëmmen eis net euphoresch. Si sinn en revanche awer au vu vun der aktueller Situatioun a Gesetzeslag déi eenzeg Optioun, eppes Positives aus der Situatioun ze zéien.

De Comité vun der FEDUSE/Enseignement – CGFP